

FBAU HOLLE



Perso'nén :

- I. Frau Holle  
2. Elsy.  
3. Seng Ste'fmamm  
4. Trin (hir Duechter )

4 - 6 , oder me' fir de Reigen .

d'Spill ass a 4 Akten geschriff matt engem Blummereigen.

Et ka ganz oni Decors gespillet gin, wirkt ower me' märckhaft matt Decors .

I Akt : E Gard matt engem Pötz ( lîcht ze mâchen matt geomlîte Karton )

(Wann d' Rideau op gêt setzt d'Elsy , an engem zimlech ve schlassene Rack , beim Bûr ze strecken )

Elsy : (let d'Streck an de Scho'ss ) O, hätt ech dach meng Mamm nach , meng gudd Mamm, de' ech so' gär hât ... Meng Ste'fmamm ass guer net gudd matt mir .. Emmer muss ech schaffen emmer an emmer , oni opzehâlen .. an da mâchen ech hir nac net genug .. Kêmol kre'en ech e gudd Wuert... Ech wârdens och guer net drop .. a geng och net begieren dass se mech soll belo'nén fir meng Arbecht ... wann se mech nömmen net geng schloen .. Emmer ass se hannert mer .. dass ech me' se'er soll schaffen ... A wann si et net ass dann ass et Triny, meng Ste'fschwester ... Hatt mecht e gänzen Dâg nei ower mech stellt et alles un .. da muss ech seng Arbecht nach bei meng mâchen ...

Ste'fmamm: (be's ) Liddregt Främönsch do... Huet schon ên eso' eppes gesin ... Setzt dât hei ze drêmen aplatz ze schaffen .. Mach, soss soen ech der wien hei drêmt .. (helt em d'Streck aus der Hand ) Wât.... ma du hues' jo nach guer neischt gestreckt .... an du setz scho me' ewe' eng Stonn hei ..

Elsy : (verdresslech ) Nên , ech sin ere'scht kom.. Ech hun ...

Ste'fmamm: (ennerbrecht et) Hâl de Mond .. an äntwer net eso' erem .. Ech we's da gär wo's de soss gewiescht wârs ..

Elsy : Ech hun d'Stuff gekiert a gestöpst ..

Ste'fmamm: Du Liggenesch do .... d'Triny war an der Stuff ....

Elsy : Hatt war do , et huet awer net gekiert.. Et huet gesot ech misst et mâchen ..

Ste'fmamm: Nu gef och nach frech ... Wârt ech winnen der dât nach ôf

fir di âner wöllen dran ze ze'en , wanns du neischt mechs ..  
(geheit em d'Streck erem duer) Do .. Wanns de de' Streck  
lo net an enger halfer Stonn ferdeg hues .. schloen ech  
dech hallef do'd ... Hei do kent d'Triny ... Lo froen ech  
d'Kand mcl gleich obs du Stuff gekiert hues ..  
(zum Trin, wät an engem sche'ne Rack era kent ) So, he'er  
emol di Liggenesch hei.. Hatt hätt s'Stuff gekiert ...

Trin : (verächtlich ) Do he'ert ower alles op .. Ich war an der  
Stuff ...

Ste'fmamm: (steipt d'Hänn an d'Seit ) Do hu mer et jo . . .

Elsy : O.. Triny , we' kanns du eso' le'en ...

Ste'fmamm: (be's ) Hâl de Mond , soen ech der ... a streck , dât ass  
besser .. (zum Trin, wät eng Strömp an der Hand huet ) Ma  
Kand du wärs dach net bitzen ... Du muss dach deng Hänn  
pflegen ... Du wärs dach keng Nol an d'Hand huelen ... mi  
Gott du kens dech picken ...

Trin : Ech bitzen s'och net ... Ech wollt dem Elsy se brengen..  
fir ze flecken ...

Ste'fmamm: Ma do hues de recht, t'kann dât nach derbei mâchen .. Hei  
du liddregt Döppen ( helt dem Trin d'Strömp ôf a geheit dem  
Elsy se duer ) Kuck dass se geschwö gefleckt ass ..

Trin : Ech hätt se gär direct erem .

Elsy : (verdresslech ) Emmer vun enger Arbecht un di âner, we'soll  
ên do ferdeg gin ...

Ste'fmamm: (drêt em ) Wanns du bei âner Leidd dei Bro't miss verdengen  
da vergeng den Efält dir ... . Dem Härgott solis de darken  
dass ech dech bei mir hei hâlen .. an net fortjoen ...

Elsy : O.. loss mech nömmen fort goen .. Ech .. geng gär bei ânere  
schaffen , wann ech we'sst dass ech nömmen e gudd Wuert  
krît ..

Ste'fmamm: (be's ) Nun he'ert ower ên dât Främönsch .. Geng et och  
elo nach gär soen , et hätt et net gudd hei .. Wärt Medchén  
du solis deng Strôf nach kre'en . (si wollt et schloen )

Elsy : (zitt sech erfe'ert zreck ) O.. schlo mech dach net ..  
Ech mâchen alles wats de sés ..

Trin. : (verächtlich ) Di âl Leier ... a knaps ass ê fort ..da mecht  
et neischt me' ..

Ste'fmamm: (zum Trin ) Komm Kand mir gin!.. A gare denger , wann ech  
erem kommen an deng Streck ass net ferdeg ... Du wês wät der  
da geschitt ... De kres de d'Frechhêt an d'Liddregkêt mol  
gudd ausgeklappt .. (si gin allenzwê fort )

Elsy : (verdresslech ) Wât hun ech e nömmen gedo ; dass se so'  
ge'nnt mech sin .. O , meng le'w Mamm am Himmel kuck dach op  
mech erôf an hellef mér ... Wo' soll ech dann di Streck hei

ferdeg kre'en ... Ech sin eso' midd .. d'An falle mer bâl zo'.. Kent ech nömmen eng hallef Stonn schlôfen .. (Hatt let d'Arem op de Rand vum Bûr an de Kapp drop .. Eng kleng Paus, we' wann et schon ageschlôf wär . D' Streck fällt em aus der Hand . Hatt dêt e Krêsch ..) O gro'sser Gott, well si ech verluer.. Meng Streck ..(sprengt op a kuckt an de Bûr ) Verschwonn ... A we' kre'en ech de' erem .. A wât get dât .. Lo schle't se mech do'd .. A wât soll ech nömmen mâchen ..

Trin : (kent eran ) Ha.ha.haa ... Dât do ass der recht geschitt ...

Elsy : Höllef mer Triny ...O höllef mer dach ...

Trin : (lächt verächtlich ) Wât eng Domm .. höllef mer .. Mengst de vleicht ech soll der Streck nosprangen .. Vun elauter Liddreg-kêt ass se der dra gefall. Wârt wann d'Klamm erem kent .. da kres de de' Ke'er Stréch fir der Wert ..

Elsy : Hief du dach we'nigstens Erbarmen matt mir .. Wanns du ge'fs zur Mamm soeh , ech kent net derfir ..Ech wär vu Middegkêt entschlôf ..

Trin : (frech ) Wât ... A wie kann dann derfir .. Kuck dass de se erem kris .

Elsy : (ratlos ) A wât soll ech nömmen mâchen ...

Trin : Sprang er no a fesch se 'rem .. Wât mir dru leit ...  
(hat gêt erem fort )

Elsy : We' konnt ech so' onglecklech sin ... Si schle't mech do'd wann ech de' Steck net erem kre'en ... Ech muss se erem hun fir se kennt ... (hatt helt sech iwert de Bord a kuckt dran ) Vleicht ass en guer net so' de'f ..

Ste'fmamm(vu baussen) Wârt .. du Hex do .. wann ech kommen .. Triny , breng mer se'er mei Bengel , dien decken .. se'er ...

Elsy : (erfe'ert ) Lo kent se ... o lo kent se schon .. Meng Mamm am Himmel hellef mer ... (hatt sprengt a senger Angscht an de Bûr .. Iwerdem fällt d' Rideau ...)

2. Akt : Eng Wiss , am Hannergrond weiss Wolleken .

( An engem Eck leit d'Elsy ze schlôfen . Um Buedem kaueren Blummen. d'Belichtung ass zimlech schwâch, da kent e Strahl a belicht d'Blummen. Si reifen sech d'An a hiefen sech )

I. Blumm : (îwerdem se opstêt ) E sche'ne Sonnenstrahl rifft ons wâch .

2. " An d'Villercher sange schon .. kuckt , et get Dâg .

3. " Loss mer net zecken .. a se'er op d'Bêñ .

4. " Loss mer fro' danzen , all mattenêñ .

(Eng lues Museck spilt , d'Blummen mâchen e Reigen .  
d'Beleuchtung get îwerdem emmer me' hell )

Elsy : (erwecht zum Schluss vum Reigen a kuckt rondem sech ) Wo' sin ech hei . O ... we' sche'n .. Wât sche' Blimmercher .

( d'Blummen sprangen erfe'ert ausernêñ )

I. Blumm : Wié kent so' fre' hier bei ons ?...

Elsy : Le'f Blimmercher .. sof mer wo' ech hei sin ?...

I. Blumm : Du bass op enger Wiss , Kand , weit vun der Ierd .

2 . Blumm: Ganz no bei de Wolleken ..

3. Blumm : Wo' d'Frau Holle dra wunt ...

Elsy : (verwonnert ) d'Frau Holle ?... A wien ass dât ?..

4. Blumm : Dât ass eng ganz gudd Frâ , de' emmer fir ons suergt .. De Wanter wann et kâl ass, a mir all missten erfre'eren .., da resselt si hîr Kessen aus ..an et fällt sche'ne weisse Schne, op ons all . Dât ass we' eng Decken de' op ons leit ..

( Vu baussen he'ert ên eng hârt Stömm .. Höllef ... Ass da kên do die mir hellefe kann ... )

Elsy : (erfe'ert ) Wien ass dât dien eso' em Höllef rifft ?...

I. Blumm : En Äppelhâm ass et, dien eso' voll Äppel hänkt , dass e bâl brecht. A kên ass do dien e resselt ..

Elsy : Ma dât kent ech jo mâchen ... (hatt lëft aus )

I. Blumm : (de' matt denen âneren em no kuckt ) E wâckregt Kand ass dât do .. Kuck we' fleisseg et Äppel op réft ..

2. " We' flenk gêt et em vun Hand ...

3. " Well ass et scho bâl ferdeg ..

4. " Wann d' Frau Holle dât geseit , dann ass se bestömmt fro' .

I. " Well huet et och schon d'Bro't am Bâckuefe gesin ..dât scho läng drop wârt fir erausgeholl ze gin .

2. Blumm : Et färt emol guer net dass et sech kent verbrennen ..
3. " : Dât do ass ênt, wêt gewinnt ass ze schaffen ...
4. " : d' Frau Holle helt et bestömmmt hei fir ze höllefien .
- I. " : Kommt , mir gin emol bis dohin bei et ..

(Si läfen alleguer aus . d' Frau Holle kent hannert de Wolleken eraus . Si huet dem Elsy seng Streck an der Hand .)

Frau Holle : Dât gudd Kand .. Emmer hun ech gesin we' et zerschloe gin ass .. Ni huet et geklôt .. Bâl do'd huet et sech geschafft an dann huet et en nach net genug gemâch.. Kê Wonner dass et ageschlôf ass an dass seng Streck em an d' Wâsser gefall ass. Ech hu gesin we' seng be's Ste'fmamm erbei gelâf ko'm, we' d' Trinn se'er'de Bengel erbei bruecht huet . A we' se wollten op et lass goen du war hatt vun elauter Angscht an engem Sätz am Bûr verschwonn... T'iescht hun se sech geiergert ... ma du ep êmol hun se gelächte .. a sech gefrêt dass se senger lass waren ... Ganz bestörrit mengen se et wär erdronk .. Si wössen net dass ech schon emmer hîrem Spill no gekuckt hun .. Ech wosst dass dem ârme Kand keng âner Me'glechkêt ble'w , wi an de Petz ze sprangen, fir dem Do'dsstreich z'entgoen dien et vu senger Ste'fmamm krit hätt. Hurteg hun ech d' Wâsser aus dem Bûr eraus gezun .. an eso' ass hatt um Liewe bliff .. Lo halen ech et hei so' läng we' et nömmen wollt .. Et soll et gudd bei mir hun .. Eng Gerechtigkeit muss sin .. a wann et bei mir brav a fleisseg ass , da wärt et schon eng sche' Belo'nung kre'en ..

Elsy : (kent eran a gêt hurteg e Schrack zreck we' et d' Frau Holle geseit ) O ... ech ..

Holle : (ganz le'w) Komm Kand .. fert net .. komm roeg hei hin ..

Elsy : Wie sitt dir dann ? Sitt dir vleicht d' Frau Holle , vun der de' sche' Blimmercher mir erzielt hun .?

Holle : Jo ; Kand , ech sin d' Frau Holle ..

Elsy : (verwonnert ) A wât macht dir dann hei an de Wolleken ..

Holle : Dât ass meng Wunneng .. Do schaffen ech Dâg fir Dâg . All meng Pillemen muss ech ausresselen , dass et nömmen eso' eraus schneit ..

Elsy : O ... ass dât die sche'ne Schne' , die mer all so' gär hun .. Kann ech iech dann net höllefien ..

Holle : Ma ganz gär Kand .. Wanns de brav a fleisseg bass, kanns de so' läng bei mer bleiwen we's de wölls .

Elsy : O , ech well scho gär bleiwen .. wann .. ech nömmen hei ans do e gudd Wuert kre'en ..

Holle : (helt et bei der Hand ) Gudd Wuert solls de kre'en, mei le'wt Kand , an nach vill, vill me' .. Ech hu gesin dass du e fleisseg Kand bass , an ech wês eso' fleisseg Kanner ze belo'nien .. Komm matt mir , a folleg mer emmer gudd, da wârs de eng sehe'n a gleckleich Zeit bei mir kre'en ..

(si verschwannen hannert de Wolleken )

3. Akt : Eng Stuff. d'Ste'fmamm an d'Trin setze bei enen .  
----- d'Ste'fmamm streckt , d'Trinn huet d'Hann um Scho'ss  
leien a mecht nicscht ..)

Ste'fmamm : ( let d'Streck an de Scho'ss ) Ech ka bâl net me' .. Emmer  
strecken a strecken fir Souen ze verdengen .. d'Elsy huet  
ower navell vill Arbecht gemâch .. ech spiren et all Dâg  
me' .. Am Ufank war ech jo fro' we' mer senger lass waren.  
ma et felt allenennen ..

Trinn : (trotzeg ) Ech trauerem em och haut nach net no ..

Ste'fmamm: Wann ech d'Arbecht geng packen , geng ech em och net no  
trauren .. Ower , ech spiren et, et gêt all Dâg schlechter  
matt mir .. Ech fänken un âl ze gin .. ech gin all Dâg me'  
midd .. ech mengen , Triny , du muss mer ower geschwönn  
eng Hand mat uleen ..

Trinn : (sprengt an engem Sätz op an iergert sech ) Ech? ... ech ...  
ma wo' denks du hin .. Meng Hann sin vill ze vill zart,  
fir irgend eng Arbecht ze mâchen ..

Ste'fmamm: (gemittlech ) E besche Strecken kens de awer emol probe'eren  
Dât kann dengen Hann neischt din ...

Trinn : Strecken ... ech ka jo iwerhapt net strecken ..

Ste'fmamm : Et le'ert sech lîcht ..

Trinn : (verächtlich ) Aha lo wells de mech le'ere strecken , a we'  
ech kleng war, du hues de net wollt dass ech soll eppes le'-  
eren ..

Ste'fmamm: (verdresselch ) Jo , ech wês et .. du hâte mer jo och d'Elsy  
fir ze schaffen .. ma elo sin ech ganz eleng ..

Trinn : (spöttesch ) An da mengs du , dât hei geng elo ufänken ze  
schaffen ... nêñ .. ech schaffen net .. Ech kann och liewen  
oni ze schaffen ...

( Vu baussen he'ert ên eng schrill Stömm ) Kikeriki..i..i..  
Ons gelde Joffer ass erem hii..i..i...

Ste'fmamm: (erfe'ert) Wât rifft onsen Hunn ?...

Trinn : Ons gelde Joffer ass erem hei ..

Ste'fmamm: Fir wié soll dât da sin ... (si kucken eraus ) We' ... ass  
dât net onst Elsy , wât do hanne kent ..

Trinn : Et ass et ... a we' kann dât me'glech sin ... Ma; we' geseit  
et eraus .. Dât fonkelt a bletzt we' wann et voll Gold geng  
hänken ..

Ste'fmamm: (schle't d'Hann um Kapp zesummen ) Gold ... Jo et ass Gold .  
richtegt Gold .. Lo hêscbt et frendlech sin matt em ..

(d'Elsy kent eran . Hatt huet e Steck gielen Tull , we' eng  
Pelerin em sech geworf, iwer an iwer matt Goldstecker besât )

Ste'fmamm an d'Trinn läfen op et duer a rêchen em d'Hand .

Ste'fmamm : (frendlech) Elsy ... A wo' wars du so' läng Kand .. We' sin ech dach eso' glecklech dech erem hei ze hun ..

Trinn : (weist op de Mantel) A wo' kens du un all dât Gold ? ...

Ste'fmamm: Komm setz dech an ziel ons alles ..

Trinn : So mer wo's de dât Gold fonnt hues ? ...

Elsy : Ech hun et net fonnt .. ech hun et als Belo'nung krit well ech bei der Frau Holle geschafft hun ..

Ste'fmamm: We' bass du dann bei d'Frau Holle ko'm ..

Trinn : (ongedölleg) Dann ziel dach .. se'er ..

Elsy (set t sech) We' ech a menger Angscht an de Bür gesprong sin , du war op êmol kê Wasser me' dran ma et war ganz deischter; an ech si gang a gang bis ech net me' kont . Du sin ech entschlöf an op êmol ass et hell gin , an ech sin erwecht a rondem mech hun eso' schie' Blimmercher gedanzt . Si hu mer gesot dass ech op enger Wiss bei der Frau Holle hirer Wunneng wär .

Trinn : Ass d'Frau Holle dann du vum selve kom..?

Elsy : Ech wês net op d'Blimmercher hir et gesot hun, oder op se mech gleich gesin hät , we' ech erem ko'm sin vum Appelbâm , du stong Ste'fmamm: Wum Appelbâm ... Wo' war dann do en Appelbâm .

Elsy : Ganz no derbei an die hun ech geresselt an d'Appel all op e Ko'p gedro . An ech hun och Bro't aus dem Backuefe geholl dât verbrannt wär wann ech net kom wär ..

Trinn : Hât dann ên dech ugestallt dât ze mâchen ..

Elsy : Nêñ ; dan Appelbâm an d'Bro't hu selver geruff ..

Ste'fmamm: (ongedölleg) Dann ziel wât d'Frau Holle gesot huet .

Elsy : Si huet gesot op ech wellt bei hir schaffen ..

Trinn : Ass da vill bei er ze schaffen ..

Elsy : O ganz lîcht Arbecht .. Nömme Pillemen auszeresslen ..

Trinn ; (verdaddert) Wann ên der vill muss resselen , da get ê midd ..

Elsy : Si ass eso' le'f . Emmer huet se e gudd Wuert fir ên .. an ech war eso' glecklech do .. ma op êmol hun ech dach verlängert, fir erem hèm ze kommen .. Si huet mech net zreckgehalen .. an huet mech durch eng" Pârt gefe'ert durch de' ên rîcht op onst Häus gesin huet .. Ech hun de Wé direct fonnt ..

Trinn : An d' Gold ... We'ni huet se der dât gin ...

Elsy : Ma we' ech ennert der Pârt erdurch gang sin , du ass op êmol eppes op mech gefall .. Ech war we' geblennnt , a we' ech meng An erem op gemâch hun , du hun ech gesin dass et etâuter Gold war . Ech hun d'Frau Holle geruff .. ma si war net me' do .. Ech hun nömmen me' he'eren we' se gesot huet .. Ge' roeg Kand

(Hatt gêt bis bei Kulissen . Vu baussen he'ert ên ruffen : )

Höllef ... höllef ... Ech verbrennen ... wanns de mech net gleich eraus hells ..

Trinn : (ass e puer Schreck hannerecks gang ) En eso' z'erfe'eren .... (verächtlich) Dât ass d'Bro't am Bäckuewen ... we' d'Elsy gezielt huet ... (zu de Kulissen aus ) Mengs du ech ge'f mer d'Fangeren un dir verbronnen .... O nén ... dât hei ass net , eso' domm .... (hatt gêt erem virsichtig bis bei d'Kulissen ) Hei ... do hadden ass d'Pârt ... (klappt an d'Hänn ) So' no hei derbei ... Loss mech gleich probe'ere goen .Si ass vleicht uer net gespârt .. (hatt wellt ausgoen , an dem Moment rifft den Äppelbâm )

Höllef .. höllef .. ech packen et net me'

Trin : (be's) Wât ass dât da schon erem ... (bedenkt sech ) Aha , dât ass den Äppelbâm vun dem d'Elsy geschwât huet .. (verächtlich) Ma dann hätt ech wuel ze din .. Ech becke mech net eso' gär .. A wât ass .... Dât hei ass neischt eso' gewinnt .. Fir de Reck we' ze kre'en .... So' domm ass dât hei net ..

( An engems kent d:Frau Holle hannert de Wolleken eraus )

Trinn : (dre'nt sech se'er em a set fröndlich ) Bonjour .. Sit dir d' Frau Holle ?

Holle : Jo , dât sin ech ..

Trinn : Stellt dir Medercher an , fir iech ze höllef en ..

Holle : Ah jo .. a wann se fleisseg a brav sin , da gin se matt Gold a Selver bezuelt wann se fort gin ...

Trinn : A wât hu dir dann fir Arbecht ?...

Holle : Pillemen resselen .. dass et op der Welt schneit ..

Trinn : (verächtlich ) Dât ass och alt eng mutwölleg Arbecht , Wât huet dié Schne' da fir en Zweck .

Holle : Alles wât onser Härgott erschâf huet , huet sein Zweck .

Trinn : d'Arbecht ower net ...

Holle : Schaffen musse mer alleguer .. wa mer wöllen zu eppes kommen .. Komm Kand , mir mussen ufänken d'Pillemen auszeresselen ... (si verschwönnt hannert de Wolleken )

Trinn : (fir sech ) Do hât ech Pech ... Eng Menutt me' speit an ech wär durch d'Pârt verschwonn gewiescht .. Ma loss gewärden .. Ech kre'en di Al ower drun , dass se mech zur geldener Pârt ausgoe le'sst ... Ei , a wât werden se da kucken , wann ech matt Gold hêmkommen ...

Holle : (kent matt engem decken Duvi eraus ) Hei Kand , ressel mer dié gudd aus ...

dât Gold ass all fir dech .. dât ass de Lo'n dien ech der gin.

Trinn : Wann ên hêmelech ennert der Pârt kent erdurch goen ..

Ste'fmamm: A we' kens de dann un deng Streck ?..

Elsy : De' huet se mer gin ir ech fort gang sin .. Si hât se font ..

Trinn : Lo brauchs du dach net me' ze strecken .. Hätt ech nömmen 't Halliecht dervun . Ech kent mer es och eigentlech ver denge goen., aplâtz hei me'sseg' ze setzen ..

Elsy : Ma Triny , ech hun es dach genug fir dech matt. Loss mer ze fridde sin , an net alles begieren ..

Trinn : Ech hätt es ower och gär ..

Ste'fmamm: Triny sief verstänneg .. Mir hun es jo me' we' genug ..'

Trinn : (schle't ma'm Fo'ss op de Buedem ) A wann ech jo soen, dass ech es gär fir mech eleng hätt .. so'vill we' d'Elsy .. nén, nach weidder ... An ech kre'en es , ke kaschte wât wellt ..

( hatt lëft se'er aus . Iwerdem fällt d' Rideau . )

-----

4. Akt : (Op der Wiss. Wann d' Rideau opgêt , sin d'Blummen am gang ze danzen .

Trinn : (kent vîrsichteg eran a kuckt no alle Seiten ) Aha .. Hei wär jo d'Wiss matt dene sche'ne Blummen .. Bis elo ass alles prima verlëf .. (hatt kent me' no bei d'Blummen ) Hedo .. liddrege Pâck .. Die ganzen Dâg mâchien se soss neischt we' an d'Lücht ze kucken ... Wann ên nach eso' e Liewen hätt ..

(d'Blummen sin erfe'ert an den Eck gesprong we' Trinn era ko'm . )

1.Blumm: A wié kann eso' we'scht ge'nt eng Blumm schwätzen ..

2.Blumm : Wié kann eppes ge'nt eng Blumm hun ...

3.Blumm : Dât ass ke' gudde Hönsch dien d'Blumme net ka leiden ...

4.Blumm : Fort ... loss mer net heibleiwen ... fort .. se'er fort .

Trinn : (spöttesch ) Efällegt Geschirr ... Elo so' se'er fort ze-läfen . Ech hätt nach gär gewosst wo' ên an beschten bei di Pârt kent ... Loss mech enol selver kucken ... Wann di Al mech net gese'ch .. (lächte) an ech ke'm hêmlech durch d'Gleckspârt .... Si muss dach zu desser Seit sin ...

Trinn : (iergert sech) Ech .... A wo' denkt dir hin , Madame .... Ech huele gewöss eso' ent schwe'ert , ongemellegt, deckt Steck an d' Hand .... Fir drenner leien ze bleiwen ... Ma dir macht de Spott matt mir ...

Holle : (gemittlech ) Guer net Kand ... Et ass su licht ewe' eng Plomm .

Trinn : (se'er ) Ma da resselt e selver ... Wirwât gitt der mir en dann fir se resselen ...

Holle : Ma du wolls dach Arbecht hun ...

Trinn : (frech ) Gold well ech hun soes neischt ....

Holle : Oni Arbecht get et kê Gold ...

Trinn : Dir hutt et dach ower wölleg ..

Holle : Ech soen der et nach eng Ke'er : Bedenk dech ; Kand .. Wann ê wellt Gold hun , muss ê sech et verdengen .. Emsoss kret ên neischt ... alles kascht Arbecht a Me' .. An nömmen dât Geld bleiwt , wât ê sech e'erlech verdengt huet , all dât ânert verschönnt me' se'er we' et komm ass .... Ech froen dech elo nach eng Ke'er .. Wells de bei mer bleiwen a schaffen oder gengs de erem gär hêm ...

Trinn : (verstellt sech ) O, le'w Madame , ech ble'w jo ganz gär .. ma ech verlängeren eso' no hêm .. losst mech erem hêm goen ...

Holle : Ech hale kên zreck .... Wanns de da wölls goen .. da ge' .. Wanns de do hinnen ennert der Fârd erdurch gës fennst de Wé direct fir hêm .. Wârt ech gin de Schlessel sichen fir opze - spären ... ( Si verschönnt hannert de Wolleken )

Trinn : (lächt siegesbewusst ) De' hätte mer mol gudd dru krit ...

Frau Holle (vu baussen ) Komm , d'Pârd ass op .. Mâch dech se'er der- durch ...

Trinn : (fir sech ir et ausgêt ) Wât mengt de' .... Dât hei bleiwt so' läng drenner stoen bis et Gold bâl net me' packt .. (aus )

( Knaps ass et do baussen , dêt et e Krêsch ) Höllef , Höllef ... éch si verluer ... Dât ass jo Pech ...pur schwarze Pech wât iwert mech Jëft .. Frau Holle hieft dach Erbârmen an höllef mer dach .. ( Hatt kent eran , e schwarzt Steck Tull iwer sech geworf dât matt schwârze Lack streiwweis ugestrach ass .

Holle : (kent hannendrun eran ) Ech kann der net me' höllef .. Dât ass de Lo'n , wo' matt ass d'Liddregkët bezwelt get ... Ge' hêm , matt dengem Pech , dienst de durch deng êge Schold verdengt hues an dien net me' vun der erôf gêt so' lang we's de net wölls schaffen ...

Rideau

( frei arrange'ert nom Märchen  
vum Grimm.) J.St.

Persounen:

1. Frau Holle
2. Elsy
3. Seng Stéifmann
4. Trin (hir Duechter)
- 4 - 6 oder méi fir de Reigen

D'Spill ass a 4 Akten geschriff mat engem Blummereigen.

Et ka ganz ouni Decors gespillet gin, wirkt ower méi märchenhaft mat Decors.

I. A K T

E Gard matt engem Pötz (Liicht ze machen mat gemoltem Karton)

(Wann d'Rideau opgét setzt d'Elsy, an engem zimmlech verschlissenen Rack, beim Bur ze strecken)

Elsy: (lét d'Streck an de Schouuss) O, hätt ech dach meng Mamm nach, meng gudd Mamm, déi ech esou gär hat....Meng Stéifmann ass guer net gudd mat mir.....Emmer muss ech schaffen...emmer an emmer, ouni opzehalen ....an da machen ech hir nach net genug....Kémol kréien ech e gudd Wuert.....Ech warden och guer net drap....a geng och net begieren, dass se mech soll belounen fir meng Arbecht....wann se mech nemmen n net geng schloen....Emmer ass se hannert mer....dass ech méi séier soll schaffen....A wann sie et net ass, dann ass et d'Triny, meng Stéifschwester....Hat mecht e ganzen Dag neischt, ower mech stellt et alles un....da muss ech seng Arbecht nach bei meng machen....

Stéifmann: (béis) Liddregt Framönsch do....Huet schon én esou eppes gesin..... Setzt dat hei ze drémen, aplatz ze schaffen.....Mach, soss soen ech der wién hei drémt....(helt em d'Streck aus der Hand) Wat....ma du hues jo nach guer neischt gestreckt....an du setz scho méi ewéi eng Stonn hei....

Elsy: (verdresslech) Nén, ech sin ereschtkom....Ech hun...

Stefmann: (ennerbrecht et) Hâl de MOnd...an äntwer net esourem....Ech wéisst da gär, wous de soss gewiescht wärs....

Elsy: Ech hun d'Stuff gekiert a gestöpst....

Stéifmann: Du Liggenesch do.....d'Trina war an der Stuff....

Elsy: Hat war do, et huet awer net gekiert...Et huet gesot, ech misst et machen.

Stéifmann: Nu gef och nach frech....Wârt ech winnen der dat nach of, fir déi aner wöllen dran ze zéien, wanns du neischt mechs....(geheit em d'Streck erem duer) Do....Wanns de déi Streck lo net an enger halwer Stonn ferdeg hues...schloen ech dach hallefoud....Hei, do kennt d'Tring.. Lo froen ech d'Kand mol gleich obs du d'Stuff gekiert hues.... (zum Tring, wat an engem schéinen Rack era kennt) So, héier emol, dái Liggenesch hei....Hat hätt d'Stuff gekiert....

Trin: (verächtlich) Do héiert ower alles op....Ech war an der Stuff....

Stéifmann: (steipt d'Hänn an d'Seit) Do hu mer et jo....

Elsy: O Triny.....wéi kanns du esou léien....

- Stéifmamm: (béis) Hâl de Mond, soen ech der....a streck, dat ass besser....  
(zum Trin, dát eng Strömp an der Hand huet) Ma Kand, du wârs dach net  
bitzen....Du muss dach deng Hänn pflegen....Du wars dach keng Nol an  
d'Hand hueken,.....mei Gott, du könns dech picken....
- Trin: Ech bitzen s'och net....Ech wollt dem Elsy se brengen....fir ze  
flecken...
- Stéifmamm: Ma do hues de recht, d'kann dat nach derbei machen....Hei du liddregt  
Deppen (helt dem Trin seng Strömp of a geheit dem Elsy se due'r)  
Kuck, dass se geschwönn gefleckt ass....
- Trin: Ech hätt se gär direct erem.
- Elsy: (verdresslech) Emmer vun enger Arbecht un déi aner, wéi soll én do  
ferdeg gin....
- Stéifmann: (dréit em) Wanns du bei aner Leid dei Brood misst verdengen, da vergeng  
den Efalt dir....Dem Härrgott solls de danken, dass ech dech bei mir  
hei halen....an net fôrtjoen.
- Elsy: O...loss mech nemmen fort goen...Ech..geng gär bei en aneren schaffen,  
wann ech wéisst, dass ech nemmen e gudd Wuert kritt...
- Stéifmamm: (béiss) Nun hériert ñwer én dat Framönsch....Geng et och elo nach gär  
soen, et hätt et net gudd hei....Wârt Médchen, du solls deng Strof  
nach kréien. (sie wöllt et schloen)
- Elsy: (zitt sech erféiert zreck) O...schlo mech dach net...Ech machen alles  
wats de sés.
- Trin: (verächtlech) Déi al Leier....a knaps ass é fôrt....da mecht et neischt  
méi..
- Stéifmamm: (zum Trin) Komm Kand mir gin...A gare denger, wann ech erem kommen,  
an deng Streck ass net ferdeg...Du wéss, wat der dan geschitt. Da kris  
de d'Frechhét an d'Liddregkét mol gudd ausgeklappt. (si gin allenzwé  
fort)
- Elsy: (verdresslech) Wat hun ech nemmen gedo, dass se sou géint mech sin...  
O meng léiw Mamm am Himmel kuck dach op mech erof an hellef mer....  
Wou soll ech dann déi Streck hei ferdeg kréien....Ech sin esou midd...  
d'An fale mer bal zou....Kent ech nemmen eng hallef Stonn schlafen..  
(Hat lét d'Ärm op de Rand vum Bur an de Kapp drop....Eng kleng Paus,  
wéi wann et schon ageschlaf wär. D'Streck fällt em aus der Hand. Hat  
dét e Krésch) O grosser Gott, well sin ech verluer....Meng Streck...  
(sprengt cp a kuckt an de Buer) Verschwonn....A wéi kréien ech déi  
erem...A wat get dat....lo schléit se mechoud....A wat soll ech  
nemme machen...
- Trin: (kent eran) Ha...ha...haha...Dat do ass der recht geschitt...
- Elsy: Hölfel mer Triny...O hölfel mer iach....
- Trin: (lacht verächtlech) Wât eng Domm...hölfel mer....Mengst de vleicht  
ech soll der Streck nosprangen....Vun elauter Liddregkét ass se der  
dra gefall! Wârt wann d'Mamm erem kent...da kréiss de déi Kéier Stréch  
fir der Wert....
- Elsy: Hief du dach wéinegstens Erbarmen matt mir. Mangs du géifs zur Mamm  
soen, ech kennt net derfir. Ech wär vu Middegkét entschlaf...
- Trin: (frech) Wât....A wie kann dann derfir....Kuck dass de se erem kriss.
- Elsy: (ratlos) A wat soll ech nemme machen....?
- Trin: Sprang er no a fesch se erem...Wat leit mir drun (hat gét erem fort)
- Elsy: Wéi konnt ech esou onglecklech sin...Si schléit mechoud, wann ech  
déi Streck net erem kréien...Ech muss se erem hun, ir se kennt....  
(hat hellt sech iwert de Bord a kuckt dran) Vleicht ass en guer net  
sou déif.....

Stéifmann: (vu baussen) Wârt du Hex do....wann ech kommen...Triny, breng mer séier mei Bengel, dién decken....séier....

Elyy: (erféiert) Lo kennt se.....o lo kent se schon....Meng Mamm am Himmel hellef mer....(hat sprengt a senger Angscht an de Bur...Iwerdém fällt de Rideau)

## R I D E A U

### 2. A K T

Eng Wiss, am Hannergrond weiss Wolleken

(An engem Eck leit d'Elsy ze schlofen. Um Buëdem kaueran Blummen, d'Belichtung ass zimmlech schwach, da kennt e Strahl a belicht d'Blummen. Si reiwen sech d'An an hiewen sech)

1. Blumm: (iwerdém se opstét) E schéine Sonnestrahl rifft ons wach.

2. " An d'Villercher sange schon...kuckt et get Dag

3. " Loss mer net zecken...a séier op d'Bén

4. " Loss mer frou danzen, all matenén

(Eng lues Museck spillt, d'Blummen machen e Reigen, d'Beleuchtung get iwerdém emmer méi hell)

Elsy: (erwecht zum Schluss vum Reigen a kuckt zondem sech) Wou sin ech hei?  
O...wéi schéin...Wat schéi Blimmercher.

(d'Blummen sprangen erféiert ausernén)

I Blumm: Wié kennt sou fréi hir bei ons?

Elsy: Léif Blimmercher....sot mer wou ech hei sin?

I Blumm: Du bass op enger Wiss, Kand, weit vun der Ierd.

2 Blumm: Ganz no bei de Wolleken...

3 Blumm: Wou d'Frau Holle dra wunnt...

Elsy: (verwonnert) Frau Holle? A wien ass dat?

4 Blumm: Dat ass eng ganz gudd Fra, déi emmer fir ons suergt....De Wanter, wann et kal ass, a mir all missten erfréieren...da reselt si hir Kessen aus.. an et fällt schéine weisse Schnéi op ons all. Dat ass wéi eng Decken, déi op ons leit....

(Vu baussen héiert én eng hart Stemm)

Stömm: Hellef....Ass kén do, dié mer hellefe kann..

Elsy: (erféiert) Wién ass dat den esou em Höllef rifft?..

I Blumm: En Äppelbam ass et, dien esou voll Äppel hänkt, dass e bal brecht. A kén ass do, den e reselt... .

Elsy: Ma dat kennt ech jo machen...(hat léft aus)

I Blumm: (déi mat dénen aneren him nokuckt) E wackregt Kand ass dat do...Kükkt wéi fleisseg et Äppel opréft.

2 " Wéi flenk gét et em vun Hand...

3. " Well ass et scho bal ferdeg

4. " Wann d'Frau Holle dat geseit, dann ass se bestömmmt frou.

I Blumm: Well huet et och schon d'Brout am Backouwen gesin...dat scho lang drop wart fir erausgeholl ze gin.  
2 " Et färt emol guer net, dass et sech kennt verbrennen...  
3 " Dat do ass ént, wat gewinnt ass ze schaffen...  
4 " D'Frau Holle hällt et bestemmt hei fir ze hellefen  
I " Kommt, mir gin emol bis dohin bei et...

(Si lafen alleguer aus. D'Frau Holle kennt hannert de Wolleken eraus.  
Si huet dem Elsy seng Streck an der Hand)

Frau Holle: Dat gudd Kand. Emmer hun ech gesin, wéi et zerschloe gin ass..Ni huet et geklot...Paloud huet et sech geschafft, an dann huet et nach nst genug gemat. Ké Wonner, dat et ageschlöf ass an dass seng Streck em an d'Wasser gefall ass. Ech hu gesin, wéi seng béiss Stéifmamm erbei gelaf kom, wéi d'Mrin séier de Bengel erbei bruecht huet. A wéi se wollten op et lass goen, du war hat vun elauter Angscht an en-gem Satz am Bur verschwonn....T'escht hun se sech geiergert....ma du op emol hun se gelacht....a sech gefrét, dass se senger lass waren... Ganz bestemmt mengen se, et wär erdrönk. Sie wessen net, dass ech schon emmer hirem Spill nogekuckt hun....Ech wosst, dass dem arme Kand keng amer Méiglechkét bléiw, wéi an de Petz ze sprangen, fir dem Doudsstréch ze entgoen, dién et vu senger Stéifmamm kritt hätt. Huerteg hun ech d'Wasser aus dem Bur eraus gezun...an esou ass hat um Liewe bliff....Lo halen ech et hei, sou lang wéi et nemme wöllt. Et soll et gudd bei mir hun...Eng Gerechtekétt muss sin...a wann et bei mir brav a fleisseg ass, da wärt et schon eng schéi Belounung kréien...

Elsy: (kent eran, a gét huerteg e Schrach zreck, wéi et d'Frau Holle ge-seit) O...ech....

Holle: (ganz léiw) Komm Kand ...färt net.....komm roueg heihin...

Elsy: Vié sidd dir dann? Sidd dir vleicht d'Frau Holle, vun der déi schéi Blimmercher mir erzielt hun?

Holle: Jo..Kand, ech sin d'Frau Holle

Elsy: (verwonneert) A wat macht dir dann hei an de Wolleken?

Holle: Dat ass meng Wunneng....Do schaffen ech Dag fir Dag. All meng Pille-men muss ech ausreselen, dass et nemmen esou eraus schneit..

Elsy: O...ass dat dé schéine Schnéi, dé mir all esou gär hun? Kann ech iech dann net hellefen?

Holle: Ma ganz gär, Kand...Wanns de brav a fleisseg bass, kanns de sou lang bei mer bleiwen wéis de wölls.

Elsy: O, ech well scho gar bleiwen...wann....ech nemmen hei ans do e gudd Wuert kréien...

Holle: (helt et bei der Hand) Gudd Wuert solls de kréien, mei léiwt Kand, an nach vill, vill méi...Ech hu gesin, dass du e fleisseg Kand bass, an ech wéss esou fleisseg Kanner ze belounen. Komm mat mir, a folleg mer emmer gudd, da wärs de eng schéin a glecklech Zeit bei mir kréien...

(sie verschwanden hannert de Wolleken)

3. A K T

Eng Stuff. D'Stéifmamm an d'Trin setze beiénén. D'Stéifmamm streckt, d'Trinn huet d'Hänn am Schouss leien a mecht neischt.

Stéifmann: (lét d'Streck an de Schous) Ech ka bal net méi...Emmer strecken a strecken, fir Suen ze verdengen....d'Elsy huet ower nawell vill Arbecht gemach...ech spiren et all Dag méi....Am Ufank war ech jo frou, wéi mer senger lass waren, ma et félt allenennen....

Trinn: (trotzeg) Ech trauerem em och haut nach net no....

Stéifmann: Wann ech d'Arbecht geng packen, geng ech em och net notraueren...Ower ech spiren et, et gét all Dag schlechter mat mir...Ech fanken un al ze gin...ech gin all Dag méi midd...ech mengen, Triny, du muss mer ower geschwönn eng Hand mat uléen....

Trinn: (sprengt an engem Satz op, an iergert sech) Ech?... ech?...ma wou denks de hin..Meng Hann sin vill ze vill zart, fir irgend eng Arbecht ze machen...

Stéifmann: (gemittlech) E besche Strecken kens de awer emol probéieren. Dat kann dengen Hänn neischt din...

Trinn: Strecken....ech ka jo iwerhapt net strecken...

Stéifmann: Et léiert sech licht...

Trinn: (verächtlich) Aha, lo wells du méch léiere strecken, a wéi ech kleng war, du hues de net wollt, dat ech sollt eppes léieren...

Stéifmann: (verdresslech) Jo, ech wéss et...du hate mir jo och d'Elsy fir ze schaffen...ma elo sin ech ganz eleng...

Trinn: (spöttesch) An da mengs du, dat hei geng elo ufänken ze schaffen...nén...ech schaffen net...Ech kann och liewan ouni ze schaffen...

Stemm: (Vu baussen héiert 'n eng schrill Stemm) Kikerikii...i...i...i  
Ons gelde Joffer ass erem hii...i...i...i

Stéifmann: (erféiert) Wat rifft onsen Hunn?

Trinn: Ons gelde Joffer ass erem hei...

Stéifmann: Fir wié soll dat da sin....(si kucken eraus) Wéi..ass dat net onst Elsy, wat dohanne kennt?

Trinn: Et ass et....a wéi kann dat méiglech sin? Ma wéi geseit et raus? dat fonkelt a bletzt, wéi wann et voll Gold geng hánken.

Stéifmann: (schléit d'Hänn um Kapp zesummen) Gold...Jo, et ass Gold, richtegt Gold...Lo héscht et frendlech sin matt em..

(d'Elsy kennt eran. Hat huet e Stéck gielen Tull wéi eng Pelerin em sech geworf, iwer an iwer mat Gáld besat)

Stéifmann ah Trinn lafen oj et duer a réchen em d'Hand

Stéifmann: (frendlech) Elsy....A wou wars du sou lang, Kand...Wéi sin ech dach esou glecklech dech erem hei ze hun.

Trinn: (weist op de Mantel) A wou kenns du un all dat Gold?

Stéifmann: Komm setz dech an ziel ons alles...

Trinn: So mer, wous de dat Gold fonnt hues?

Elsy: Ech hun et net fonnt...ech hun et als Belounung kritt, well ech bei der Frau Holle geschafft hun...

Stéifmann: Wéi bass du dann bei d'Frau Holle komm?..

Trinn: (ongedölleg) Dann ziel dach...séier...

- Elsy: (setzt sech) Wéi ech a menger Angscht an de Bur gespronge sin, du war op émol ké Wasser méi dran, ma et war ganz deischter, an ech si gang a gang, bis ech net méi konnt. Du sin ech entschlaf an op émol ass et hell gin, an ech sin erwecht a rondem mech hun esou schéi Blimmercher gedanzt. Si hu mer gesot, dass ech op enger Wiss bei der Frau Holle hirer Wunneng wär.
- Trinn: Ass d'Frau Holle dann du vum selwe komm?
- Elsy: Ech wéss net, oo d'Blimmercher hir et gesot hun, oder op se mech gleich gesin hat, wéi ech erem komm sin vum Äppelbam, du stong se do.
- Stéifmann: Vum Äppelbam...Wou war dann do en Äppelbam?
- Elsy: Ganz no derbei an déi hun ech gereselt an d'Äppel all op e Koup gedro. An ech hun och Brout aus dem Backuewen geholl, dat verbrannt wär, wann ech net kom wär.
- Trinn: Hat dann én dech ugestallt dat ze machen?
- Elsy: Nén, den Äppelbam an d'Brout hu selver geruff..
- Stéifmann: (ongedelleg) Dann ziel, wat d'Frau Holle gesot huet.
- Elsy: Si huet gesot op ech wellt bei hir schaffen.
- Trinn: Ass da vill bei er ze schaffen?
- Elsy: O ganz licht Arbecht....Nemme Pillemen auszereselen.
- Trinn: (verdaddert) Wann én der vill muss reselen, da get é midd.
- Elsy: Si ass esou léif. Emmer huet se e gudd Wuert fir én....an ech war esou glecklech do...ma op emol hun ech dach verlangert, fir erem héim ze kommen. Sie huet mech net zreckgehalen,...an huet mech durch eng Part geféiert duerch déi én richt op onst Haus gesin huet...Ech hun de Wé direct fonnt.
- Trinn: An d'Gold....Wéini huet se der dat gin.
- Elsy: Ma wéi ech ennert der Part erduerch gang sin, du ass op émol eppes op mech gefall. Ech war wéi geblennnt, a wéi ech meng An erem opgemawh hun, du hun ech gesin, dass et elauter Gold war. Ech hun d'Frau Holle geruff...ma si war net méi do. Ech hun nemmen méi héieren, wéi se gesot huet....Géi roueg, Kand, dat Gold ass all fir dech...dat ass de Loun, dién ech der gin.
- Trinn: Wann én héimlech ennert der Part kennt erduerch goen.....
- Stéifmann: A wéi kenns du dann un deng Streck?
- Elsy: Déi huet se mer gin, ir ech fort gang sin. Sie hat se font.
- Trinn: Lo brauchs du dach net méi ze strecken. Hätt ech nemmen d'Halschecht dervun. Ech kennt mer es och eigentlech verdänge goen, aplatz hei messeg ze setzen.
- Elsy: Ma Triny, ech hun es dach genug fir dech mat. Loss mer zefridde sin, an net alles begieren.
- Trinn: Ech hätt es ower och gär.
- Stéifmann: Triny sief verstänneg...Mir hun es jo méi wéi genug.
- Trinn: (schléit mam Fouss op de Buedem) A wann ech jo soen, dass ech es gär fir mech eleng hätt...souvill wéi d'Elsy...nén, nach weider....An ech kréien es, ka kaschte wat wellt.

(hat léft séier aus. Iwerdém fällt de Rideau)

## 4. A K T

(Op der Wiss. Wann d'Rideau opgét, sin d'Blummen am gang ze danzen)

Trinn: (kennt virsichteg eran a kuckt no alle Seiten) Aha...Hei wär jo d'Wiss nat déne schéine Blummen. Bis elo ass alles prima verlaf. (hat kennt méi no bei d'Blummen) Hedo...liddrege Pack...Dié ganzen Dag machen se soss neischt, wéi an d'Lucht kucken...Wann én nach esou e Liewan hätt.

(D'Blummen sin erféiert an den Eck gesprongen, wéi d'Trinn era koum)

1 Blumm: A wié kann esou wescht géint eng Blumm schwätzen.

2 Blumm: Wié kann eppes géint eng Blumm hun.

3 Dat ass ké gudde Mönsch, dién d'Blumme net ka leiden.

4 Blumm: Fort... losse mer net heibleiwen...fort...séier fort.

Trinn: (spöttesch) Efällegt Geschirr. Elo sou séier fortzelafen. Ech hätt nach gär gewosst, wou én am beschten bei di Part kennt. Loss mech emol selwer kucken. Wann di Al mech net geséich, (lacht) an ech kéim hémlech durch d'Gleckspart. Si muss dach zu deser Seit sin.

(Hat gét bis bei d'Kulissen. Vu baussen héiert én ruffen)

Stemm: Hölfel...hölfel...Ech verbrennen....wanns de mech net gleich eraus hells.

Trinn: (ass epuer Schreck hannerecks gang) En esou z'erférien....(verächtlech) Dat ass d'Brout am Backuewen...wéi d'Elsy gezielt huet. (zu de Kulissen aus) Mengs du ech géif mer d'Fangeren un dir verbrennen...O nén...dat hei ass net esou domm....(hat gét erem virsichteg bis bei d'Kulissen) Hei...dohannen ass d'Part... (klappt an d'Hänn) Sou no hei derbei...Loss mech gleich probéiere goen. Si ass vleicht guer net gespart... (hat wellt ausgoen, an dem Moment rifft den Äppelbam)

Hölfel...hölfel...ech packen et net méi.

Trin: (béiss) Wât ass dat da schon erem... (bedenkt sech) Aha, dat ass den Äppelbam vun dem d'Elsy geschwat huet... (verächtlech) Ma dann hätt ech wuel ze din.. Ech becke mech net esou gär. A wat ass. Dat hei ass neischt esou gewinnt. Fir de Reck wéi ze kréien. Sou domm ass dat hei net.

(an engems kennt d'Frau Holle hannert de Wolleken eraus)

Trinn: (dréint sech séier em a set frendlech) Bonjour... Sit dir d'Frau Holle?

Holle: Jo, dat sin ech.

Trinn: Stellt dir Médercher an, fir iech ze hellefen.

Holle: Ah jo...a wann se fleisseg a brav sin, da gin se mat Gold a Selver bezuelz, wann se fort gin.

Trinn: A wat hut dir dann fir Arbecht?

Holle: Pillemen reselen...dass et op der Welt schneit.

Trinn: (verächtlech) Dat ass och alt eng mutwelleg Arbecht. Wat huet dié Schnéi da fir en Zweck?

Holle: Alles wat onser Häggott erschâf huet, huet sein Zweck.

Trinn: D'Arbecht ower net.

Holle: Schaffen müsse mer alleguer, wa mer wellen zu eppes kommen. Komm Kand, mir müssen ufänken d'Pillemen auszereselen. (si verschwönnt hannert de Wolleken)

Trinn: (fir sech) Do hat ech Pech... Eng Minutt méi spéit an ech wär duerch d'Part verschwonn gewiescht. Ma loss gewärden. Ech kréien déi Al ewer drun, dass se mech zur geldener Part ausgoe léisst... Ei, a wat werden se da kucken, wann ech mat Gold hémkommen.

- Holle: (kent mat engem decken Duvi eraus) Hei Kand, resel mer dié gudd aus...
- Trinn: (iergert sech) Ech....A wou denkt dir hin, Madame....E ch huele gewöss esou ent schwéiert, ongemellegt, deckt Steck an d'Hand. Fir drenner leien ze bleiwen....Ma dir macht de Spott mat mir.
- Holle: (gemittlech) Guer net, Kand. Et ass sou licht ewéi eng Plomm
- Trinn: (séier) Ma da reselt e selver..Firwat gidd dir mir en dann fir ze reselen?
- Holle: Ma du wolls dach Arbecht hun.
- Trinn: (frech) Gold, well ech hun soss neischt.
- Holle: Ouni Arbecht get et ké Gold..
- Trinn: Dir hut et dach ower völleg.
- Holle: Ech soen en der et nach eng Kéier: Bedenk dech Kand. Wann é wellt Gold hun, muss é sech et verdängen. Emsoss krit én neischt. alles kascht Arbecht a Méi. An nemmen dat Geld bIeigt, wat é sech éierlech verdengt huëst, all dat anert verschwönnt méi séier wéi et komm ass.  
Ech froen dech elo nach eng Kéier. Wells de bei mer bleiwen a schaffen oder gengs de erem gär hém?
- Trinn: (verstellt sech) O, léiw Madame, ech bléiw jo ganz gär...ma ech verlangeren esou no hém...losst mech erem hém goen.
- Holle: Ech hale kén zreck..Wanns de da wells goen..da géi. Wanns de do hinnen ennert der Pard erduerch gés fennst de de Wé direct fir hém. Wart ech gin de Schlessel sichen fir opzespären. (Si verschwönnt hannert de Nolleken)
- Trinn: (lacht siegesbewusst) Déi hätte mer mol gudd dru krit.
- Holle: (vu baussen) Komm, d'Pard ass op..Mach dech séier derduerch.
- Trinn: (fir sech, ir et ausgét) Wat mengt déi...Dat hei bleiwt sou lang drenner stoën bis et d'Gold bal net méi packt (aus)  
(Knapps ass et dobaussen, dét et e Krésch) Hellef, Hellef...ech si verluer...Dat ass jo Pech..pure schwarze Pech wat iwert mech léft...Frau Holle hieft dach Erbarmen an hölleft mer dach. (Hat kennt eran, e schwarzte Steck Tull iwert sech geworff, dat mat schwarzem Lack streiweis ugestrach ass.)
- Holle: (kent hannendrun eran) Ech kann der net méi hellefen. Dat ass de Loun, wou mat ass d'Liddregkét bezuelt get. Géi hém, mat dengen Pech, dienst de duerch deng ége Schold verdengt hues an dien net méi vun der erof gét, sou lang wéis de net wölls schaffen.

R I D E A U

(frei arrangéiert nom Märchen vum Grimm)  
J.ST.